ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Gast Gibéryen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. November 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro (Artikel 84 vum Chamberreglement) un den Här Wirtschaftsminister, den Här Bausseminister an den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Aus der Press (Lëtzebuerger Land, Luxembourg Times) ass gewuer ze ginn, datt Lëtzebuerg soll eng wichteg Roll bei de Pläng vun der EU spillen, fir d'Iran-Sanktiounen ze ënnerlafen, déi d'USA agefouert hunn. Eng Finanzkonstruktioun «Special Purpose vehicle (SPV)» fir d'US-Sanktiounen ze ëmgoen wär vun EU-Länner wéi Däitschland a Frankräich a vun der EU-Kommissioun geplangt ginn a sollt hirem Wëllen no vu Lëtzebuerg aus agesat ginn. Zu där Press-Informatioun hätt ech e puer Froen un déi Häre Wirtschafts-, Finanz- a Bausseminister:

1. Ass et richteg, datt d'Regierung vu verschiddenen EU-Memberlänner oder Institutiounen ënner Drock gesat gëtt, fir iwwer e Finanzvehikel, dat hei am Land soll geschaf ginn, d'US-Sanktiounen géint den Iran ze ëmgoen? Wa jo, wéi eng Länner an/oder Institutioune sinn dat?
2. Wat ass fir Lëtzebuerg de wirtschaftleche Schued, dee sech beim Respektéiere vun den neien US-Sanktiounen an dem Opkënnege duerch d'USA vum Atomofkommes mam Iran ergëtt?
3. Wéi schätzt eis Regierung d'Begrënnung vun den USA an, déi zum Opkënnege vum „Iran Deal" an zu deenen neie Sanktioune gefouert huet? Sollt Lëtzebuerg sech net der amerikanescher Iran-Politik uschléissen?

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique

4. Soll de wirtschaftleche Virdeel vun eenzelen europäesche Länner an den An vun der Lëtzebuerger Regierung iwwert de sécherheetspolitesche Bedenke stoen, déi d'USA an aner Länner, wéi z.B. Israel, géintiwwer dem Iran uféieren ?
5. Ass et politesch an diplomatesch ze vertrieden, eisem wichtegste Bündnispartner, den USA, an de Sécherheetsinteressien vun anere Länner, wéi z.B. Israel, entgéint ze trieden an US-Sanktioune géint den Iran ze ënnerlafen?
6. Ass net ze erwaarden datt Lëtzebuerg, als ausféierend Land vun enger europäescher Politik géint d'USA , mat US-Sanktiounen, Retorsiounen oder Repressalien muss rechnen? Kennt déi lëtzebuergesch Regierung déi Problemer déi a Lettland (ABLV) an och hei zu Lëtzebuerg (am Fall Clearstream) am Kontext vun de Bezéiunge mam Iran entstaane sinn?
7. Wéi wëll d'Regierung sech also an dëser Fro positionnéieren? Ass si wëllens fir ze hëllefen, d'US-Sanktiounen géint den Iran ze hannergoen oder wëll si sech als e veramtwortungsvollen Alliéierten vun den USA positionnéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten